APEG
Association professionnelle des éducateurs gradués
Beruffsverband vun de Sozialpädagogen

LBSA a.s.b.l.
LËTZEBUERGER BERUFFSVERBAND FIR SOZIAL ARBECHT

Lëtzebuerg, den 1. Oktober 2013

4 Froen un eis politesch Parteien

nom Motto: „Virun de Wahlen de Bolz fillen!“

Iwwer 6000 betraffe Mataarbechter aus dem erzéiereschen a sozialen Secteur waarden op kloer Äntwerten!

4 Froen un äer Partei, déi sech den 20.Oktober de Chamberwahlen stellt:

1) Wéi setzt dir iech fir eng qualitativ héichwäerteg Kanner - a Jugendbetreiung an, am Kader vun der non-formaler Bildung?

Mir fuerderen, dass flächendeckend genuch Crèchë a Maison-Relais opgemaach gi well mir fannen, dass all Kand ab 2,5 Joer een Urecht op Précoce huet. Dernieft muss ee kucken op ee verschidde Jugendheiser net vergréisseren oder komplett neier opmaache kann. Och ënnerstëtze mir Initiativen ewéi ee „Hackerspace“, „Repaircafe“, „Makerspace“ asw, wou Kanner a Jugendlecher un Technologie erugefouert ginn. Och fanne mir de Konzept vun enger Ganzdagsschoul ganz positiv. Dat sinn alles Beispiller, déi eng adäquat Kanner- a Jugendbetreiung kënne garantéieren.

2) Wat géift dir un der Formatioun an un de Studien vun de sozioedukative Beruffer (Erzéier, Sozialpädagog) verbesseren?

Wéinstens an dëse Studiegäng musse mir fort vum Frontalunterrecht a hin zu engem aktiv-partizipative Cours. Eppes wat ee geleiert gëtt soll een dann och praktesch ëmsetzen. Dernieft sollt z.B. am L.T.P.E.S. „Gerontologie“ direkt well op der 12ieme geleiert ginn. Dat ass een immens wichtegt Fach wat awer leider eréicht am leschte Joer geleiert gëtt. Dernieft brauch et besonnesch bei Educateuren/Pädagoge genuch Mediekompetenz. Dofir misst Medienpädagogik och well am éischte Joer geleiert ginn. Och de Musekscours misst komplett un d'Realitéit ugepasst ginn a wat den Educateur spéiderhin an de verschiddene Sparte brauch. Sprëch, et solle Kannerlidder geleiert ginn awer och al Lëtzebuergesch Lidder. Dat ass nämlech eppes wat vun engem op der Schaffplaz verlaangt gëtt. Och muss insgesamt vill méi op d'Kultur agaange ginn. Bësse méi Lëtzebuergesch Geschichtsversteesdemech géif net schueden. Dernieft wär een „Haushaltscours“ eppes wat onbedéngt misst ëmgesat ginn. Dëse Cours misst folgend

Saachen ëmfaassen: Kachen, Ëmgang mat Geld, Bitzen/Strecken/Strécken. Alles wichteg Saachen déi ee spéiderhin am Beruff muss kënnen an dernieft och gutt fir d'Allgemengbildung ass.

TEL : (+352) 621 21 88 75
FAX : (+352) 20 40 99 03
N° id: 1999 61 01072

E-mail : info@apeg.lu
www.apeg.lu
www.lbsa.lu

CCPL : IBAN LU55 1111 1571 9858 0000

3) Wéi stellt dir iech gemeinsam Richtlinnen fir eng kohärent Erzéiungspolitik vir (z.B. Zesummenaarbecht Schoul-Maisons relais)?

Erzéiungspolitik ass eppes wat an Zesummenaarbecht mat Schoulen, Maison-Relais an anere sozialen Institutiounen diskutéiert a geformt muss ginn. Well hei setze Leit, déi sech Dag fir Dag mat der Matière an der Realitéit ausernee setzen. Mir wëllen net, dass Erzéiungspolitik just vu Politiker gemaach gëtt, déi normalerweis nach net mol aus engem soziale Secteur stamen.

Zur Erzéingspolitik gehéiert awer natierlech och Elterenaarbecht. Hei soll zum Beispill bei Versammlungen ee multidiziplinärt Team präsent sinn, dat och do an deem Secteur schafft. Domadder kann ee verschidde Point-de-vue zesummenzeféieren an erläuteren. Och steet der Famill do ee kompetent Team zu Rod.

Mir fuerderen ausserdeem ee reegen Austausch mat der Famill an dem jeeweilegem Personal. Domatt béid Säiten ëmmer informéiert sinn an ee soumat och zesumme ka pädagogesch Interventioune maachen.

4) Zënter 40 Joer sinn d'Carrièren vun Erzéier a Sozialpädagogen kloer ënnerbewäert. Wéi setzt dir iech dofir an, datt dat wat scho säit Joeren versprach gëtt (an zwar eng richteg Aklasséirung vun dëse Carrièren), endlech Realitéit gëtt?

Erzéier a Sozialpädagoge meeschteren an der Beruffswelt ëmmer méi. Et muss een ëmmer méi kennen, ëmmer méi Verantwortung iwwerhuelen. Piratepartei setzt sech dofir an, datt och endlech déi sozial Beruffer richteg gewierdegt ginn an och Carriére deementspriechend ugepasst muss ginn. D'Piratepartei well och jiddereen drun arënneren, datt och d'Educateuren an d'Sozialpädagogen ee Streikrecht hunn an et vläit och un der Zäit wier mol Gebrauch vun dësem Recht ze maachen.

Schéckt eis äer Äntwerten w.e.g. bis spéitstens den 10. Oktober eran!

info@apeg.lu

Merci villmools!

D'Verwaltungsréit vun APEG an LBSA

TEL : (+352) 621 21 88 75
FAX : (+352) 20 40 99 03
N° id: 1999 61 01072

E-mail : info@apeg.lu
www.apeg.lu
www.lbsa.lu

CCPL : IBAN LU55 1111 1571 9858 0000